



ALTERNATIV DEMOKRATESCH
REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Depot : Fernand Kartheiser

Lëtzebuerg, de 15. Dezember 2021

Pls 7878 & 7879



MOTIOUN

D'Chamber vun den Deputéierten

stellt fest, datt

- d'Wunnkäschte fir vill Leit, a besonnesch fir akommeschwaach Familljen an Einzelpersonen, een ëmmer méi héije Käschtefacteur duerstellen;
- d'Inflatioun an der Eurozon unzitt, an dat besonnesch och bei den Energiepräisser;

ass sech bewusst, datt

- d'Kafkraaft vun de Bierger opgrond vun dësen Entwécklung weider ofhëlt, och well zum Beispill d'Wunnkäschten an d'Energiekäschten net bzw. net integral indexéiert sinn;
- den Index doduerch net dee reale Kafkraaftverloscht kann erëmspigelten an opfänken;

fuerdert d'Regierung op,

- d'Käschte fir d'Wunnen a fir d'Energie op eng realistesch Manéier an den Index-Wuerekerf mat opzehuelen.

Fernand Kartheiser